**Le caractère urgent de la question a été reconnu (04.01.2021)**

n° 3373

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

REÇU
Par Alff Christian , 08:31, 04/01/2021

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringlech parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Rezente Berichter an der Presse no, déi sech deelweis och op Aussoe vu Beamte baséieren, kéinte bis Enn Mäerz 36.000 Leit am Grand-Duché géint de COVID-19 geimpft gi woubäi ronn 38.000 Leit am Fleege- a Gesondheetssecteur hei am Land schaffen. Aktuell wieren 9.700 Impfdosen ukomm mat deene 4.850 Leit kéinte geimpft ginn.

An enger Äntwert op eng aner drénglech parlamentaresch Fro hat d'Madamm Gesondheetsminister zu enger Penurie vun Anti-COVID-Vaccine an der EU Folgendes matgedeelt : « D'Regierung huet sech positionéiert fir déi zousätzlech optionnell Impfdose bestellen ze kënnen, déi an de Kontrakter déi d'europäesch Kommissioun ausgehandelt huet virgesi sinn. Parallel ass och direkte Kontakt mat deene verschiddene pharmazeutesche Laboratoiren opgeholl ginn. »

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Sinn déi Informatiounen zu den 9.700 Impfdose fir 4.850 Leit ze impfen nach aktuell ?
2. Stëmmt d'Informatioun datt bis Enn Mäerz 36.000 Leit kënne geimpft ginn ?
3. Wéi vill Leit schaffe genau am Fleege- a Gesondheetssecteur ?
4. Wéi vill Leit am Land si bis haut mam Anti-COVID-Vaccin geimpft ginn ?
5. Wéi ass d'Äntwert vun der Madamm Gesondheetsminister ze verstoen datt d'Regierung sech positionéiert fir zousätzlech Impfdosen ze bestellen ?
6. Konnt d'Regierung duerch den direkte Kontakt mat verschiddene pharmazeutesche Laboratoirë schonn zousätzlech Impfdosen onofhängeg vun der EU bestellen ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Jean-Marie Halsdorf
Deputéierten

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

REÇU
Par Alff Christian , 12:39, 07/01/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 7 janvier 2021

**Réf. :** 835xe4f8f

**Concerne:** Question parlementaire urgente n° 3373 du 4 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf et Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Premier Ministre et de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 3373 du 4 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le "vaccin contre la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre et de Madame la Ministre Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3373 du 4 janvier 2021 de Madame la Députée Martine Hansen, Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le "vaccin contre la Covid-19".**

**1.Sinn déi Informatiounen zu den 9.700 Impfdose fir 4.850 Leit ze impfen nach aktuell ?**

Dës Informatioun ass nach ëmmer aktuell. Déi Impfdosen sinn de 26. Dezember op Lëtzebuerg geliwwert ginn.

**2.Stëmmt d'Informatioun datt bis Enn Mäerz 36.000 Leit kënne geimpft ginn ?**

Laut dem prévisiblen Allocatiounsplang deen d'Regierung vum Produzent Biontech/Pfizer geschéckt krut, wäerte mir no heitegem Stand vun den Informatiounen bis Enn vum Mount Mäerz Impfdosen fir ronn 36.000 Persoune kréien. Dat heescht net datt zu deem Zäitpunkt all déi Leit schonn hir 2. Administratioun kruten vu den Délai deen tëschent der 1. an der 2. Administratioun muss respektéiert ginn.

**3.Wéi vill Leit schaffe genau am Fleege- a Gesondheetssecteur ?**

Am Fleege- an am Gesondheetssecteur schaffen ronn 29.000 Leit. Do derbäi kënnt och nach d'Personal vun de Sous-traitants iwwert dat d'Regierung keng genee Statistik huet.

**4.Wéi vill Leit am Land si bis haut mam Anti-COVID-Vaccin geimpft ginn ?**

1.251 Persounen hunn am Moment déi éischt Dosis vun der Impfung vu Biontech/Pfizer krut. Ab dëser Woch kommen no an no nach d'Résident'en aus 11 Structures d'hébergement pour personnes âgées derbäi.

**5.Wéi ass d'Äntwert vun der Madamm Gesondheetsminister ze verstoen datt d'Regierung sech positionéiert fir zousätzlech Impfdosen ze bestellen ?**

Lo wou der Commissioun hir Verhandlunge mat Pfizer ofgeschloss sinn, ass ett fir een EU Land méiglech, mat deem Produzent Kontakt opzehuelen. D'Regierung huet vun deem Recht Gebrauch gemaach.

**6.Konnt d'Regierung duerch den direkte Kontakt mat verschiddene pharmazeutesche Laboratoirë schonn zousätzlech Impfdosen onofhängeg vun der EU bestellen ?**

Des Discussioune si nach amgaangen.

137-000010-20040525-FR